# Strandgut

**„Mir sinn nach ëmmer den eenzege Pavillon mat engem *toboggan,* fir derduerch ze rutschen.“**

D'Kommissärin vum Grand-Duché Maggy Nagel iwwert d'Weltexpo zu Dubai an engem Interview mat Radio 100,7, de 25. Oktober 2021

---

**„Ech hunn am Ufank vun der Pandemie e Versprieche gemaach, keen am Reen stoen ze loossen. Mir hunn dat Versprieche gehalen.“**

De Premierminister Xavier Bettel (DP) a senger Ried zur Lag vun der Natioun, den 12. Oktober 2021

---

**„Wann ech akafe ginn, begéinen ech extrem vill Leit. Ech si relativ vill ënnerwee – meng Frau seet, *ze vill* ënnerwee.“**

Den LSAP-Deputéierte Mars Di Bartolomeo an engem Interview mat Radio 100,7 iwwert den Alldag a Corona-Zäiten an e méigleche Referendum bei der Verfassungsreform, den 18. Oktober 2021

---

**„Gutt, et kann een ëmmer nach soen: ‚D'Äerd ass eng Scheif'. Mee bon, dat wësse mer awer schonn zënter e puer honnert Joer, dass dat net esou ass.“**

De Mars Di Bartolomeo am selwechten Interview

---

**„Ech hunn dee Virworf [bëlleg Polemik mat der Verfassungskampagne] héieren, an, Dir wäert Iech wonnere, meng éischt Reaktioun war eigentlech positiv. Well, normalerweis, wa mir eppes gesot hätte, wat falsch gewiescht wier, dann hätten si net gesot, mir géifen Hallefwouerechte verbreede, mee dann hätte si gesot: ‚Dat do ass falsch, dat do ass falsch, dat do ass net wouer.' Dann hätte si eis de Prozess gemaach. Mee well si soen: ‚Dat sinn nëmmen Hallefwouerechten', an der Politik heescht dat: ‚Ma, d'ADR huet Recht, hein. Mir wëllen et net soe, mee et ass eigentlech esou! Dat, wat si schreiwen, ass absolutt richteg, awer mir gesinn et e bëssen anescht.' […] Et ass amfong e Kompliment, wat si eis gemaach hunn.“**

Den ADR-Deputéierte Fernand Kartheiser an engem Interview mat RTL Radio, och iwwert e méigleche Referendum bei der Verfassungsreform, den 20. Oktober 2021

---

**« L'ouvrage est dedié à Monsieur Guy KAISER, l'un des journalistes les plus talentueux du pays, ancien rédacteur en chef de RTL. »**

La dédicace de Maître Gaston Vogel à Guy Kaiser dans son œuvre *Le droit de la presse au Luxembourg. Textes et commentaires,* publiée par les Editions Larcier